



Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch an dem Här Minister vir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 5665 vum 2. Februar 2022 vum honorabelen Deputéierten Här Jeff Engelen.

D'CFL huet kéng zousätzlech Zich an den RGTR keng zousätzlech Busse agesat, well den Fuerpark esou dimensionéiert war an ass, fir de normalen Horaire domadder ofzeddecken.

Am Kader vum Contact Tracing sinn bis elo keng Cluster festgestallt ginn, déi an engem kloeren Zesummenhang mam ëffentlechen Transport hei zu Lëtzebuerg stinn. Et gouf eng kleng Zuel vu Cluster am Zesummenhang mat Busreesen am Ausland, mee dat waren privat organiséiert Reesen, déi sech iwwert Deeg gezunn hunn, wou d'Leit Kontakt ënnerenee haten och ausserhalb vum Transport.

Vun 74523 traitéierten Dossieren wou eng potentiell source d'infection identifizéiert gouf, waren an 46 Fäll eng potentiell Source "Transport Public" uginn, wat 0,06% vun alle Fäll mat potentiellen Sourcen ausmécht. Et handelt sech hei zum groussen Deel ëm Leit déi am Interview gesot hunn, datt sie mengen géifen sech am Transport Public ugestach ze hunn, ouni méi konkret Elementer dofir ze hunn. Bei deenen anere Sourcen (Famill, Schoul, Aarbecht, Sport) besteet an deene allermeeschten Fäll een längeren an direkten Kontakt (ouni Mask an ouni Distanz) mat enger positiver Persoun. Bei dese 46 Leit ass dat kloer net de Fall. Et gouf keen Kontakt mat enger bekannter positiver Persoun am ëffentlechen Transport, esou dat d'Source "Transport Public" bei deem Fall nët als fiabel kann agestuuft ginn. Anerersäits kënnen et och Fäll ginn, déi sech effektiv am ëffentlechen Transport ugestach hunn, mee déi dës Informatioun net am Interview weiderginn hunn.

Verschieden Etuden am Ausland hunn d'Roll vum ëffentlechen Transport beliicht. Eng Étude aus China am Ufank vun der Pandemie (Dezember 2019 bis Mäerz 2020) huet gewisen, dat de Risiko fir sech unzestiechen virun allem fir déi direkt Noperen vun positive Fäll am Zuch am héchsten ass¹. Eng méi rezent Etude vum Institut Pasteur a Frankräich (Mee bis August 2021) huet gewisen, dat Leit déi regelméisseg den ëffentlechen Transport (Bus, Zuch, Tram) notzen, ee méi kleng Risiko hunn fir sech unzestiechen, wéi déi, déi dat net maachen, an dat Alternativen wei den Covoiturage, Taxi, etc. méi een héijen Ustiechungsrisiko duerstellen.² D'Ausnahm ass fir déi Leit déi den Metro benotzt hunn, wou effektiv de Risiko méi héich war.

Zesumme gekuckt weisen dës zwou Etuden an d'Donnéeën aus dem Contact Tracing, datt de potentielle Ustiechungsrisiko deen am ëffentlechen Transport bestan huet, duerch Mesuren, dorënner d'Maskepflicht, staark reduzéiert gouf.

Lëtzebuerg, den 21. Februar 2022

D'Gesondheetsministesch

(s.) Paulette Lenert

¹ <https://academic.oup.com/cid/article/72/4/604/5877944?login=true>

² <https://www.ncbi.nlm.nih.gov/pmc/articles/PMC8616730/pdf/main.pdf>